



Juni 2024

INKLUSIOUN - WORKSHOP

SAVE THE DATE!

**DONNESCHDEG, DEN 3. OKTOBER, UM 19.00
AUER ZU BARTRENG AN DER SCHAUWENBURG**

Wat versti mir ēnner Inklusioun?

Wou ginn et « Barrièren » an eiser Gesellschaft?

Mir diskutéieren dat gäre mat Iech a wëllen erausfannen,
wat mir als Gesellschaft op deem Gebitt kënne verbesseren.
Mir sichen konkret Iddie fir e méi inklusivt Zesummeliewen.

■ INCLUSION.

Qu'entendons-nous par inclusion ?

Quels sont les « obstacles » dans notre société ?

Nous en discutons et nous voulons savoir ce que nous pouvons faire, en tant que société, pour améliorer la situation dans ce domaine. Nous recherchons des idées concrètes pour une société inclusive.

■ INCLUSION.

What do we understand by inclusion?

What are the „barriers“ in our society?

We are discussing this and we want to find out what we as a society can do to improve this area. We are looking for concrete ideas for an inclusive society.

■ INKLUSION.

Was verstehen wir unter Inklusion?

Was sind die Stolpersteine auf dem Weg zur Inklusion?

Wir möchten erkunden, was wir zusammen tun können, um Inklusion zu fördern. Wir suchen konkrete Ideen für eine inklusive Gesellschaft.

EISE COMITÉ


President: Rauchs Marc, Gemengerot,
marc.rauchs@bertrange.lu

Éirepresenten: Lux Carlo a Schares Nadine,
Gemengerot,
nadine.schares@bertrange.lu

Sekretären: Czech Florian a Weirich Guy,
Gemengerot,
guy.weirich@bertrange.lu

Loverre Nino

Tresorier: Bemtgen Marie-France, Clement Felix,
Duhr Gérard, De Feudis Liliana, Elsen-Origer
Mariette, Hess Dany, Kraus Claude,
Lexis Marc, Mais Daniel, Mangen Henri,
Ries Charel, Schroeder Marie-Paule,
Svedkauskaitė Jolanta, Weiland Julien,
Welter Christophe



KONFERENZ „ERNEIERBAR ENERGIEN“

Den Austausch vum 22. Abrëll 2024, un dem verschidde Membere vum Gemengerot, mee och Bartrenger Matbiergerinnen a Matbierger an der ArcA konnten deelhuelen, war eng Opportunitéit, d'Potential vun erneierbar Energien an Technologien, am Detail ze entdecken an ze diskutéieren. Experte vu Soler, Bedreiwer vu Wandanlagen zu Lëtzebuerg, a vu GPSS, deen innovativ Léisungen an der Produktiouon an am Stockage vun erneierbarer Energie proposéiert, hunn existéierend Projeten erkläert an de Participanten eng Rei Innovatiounen präsentéiert, vun deenen déi eng oder aner och fir Bartreng an der Zukunft relevant si kéinten.

D'Participanten konnten fir d'Éischt en Abléck a modern Agri-Photovoltaik gewonnen. Bei moderner Agri-Photovoltaik geet et net méi just ém d'Erhale vu Biodiversitéit énnert de Panneauen, mee dorën, déi landwirtschaftlech Fläch an hir Opwäertung an den Vierdergrond ze stellen. Dovunner ausgoend entspréngt dann dat technologesch an ekologesch Gesamtkonzept. Zwar geet den Erléis aus der Landwirtschaft duerch d'Photovoltaik erof, mee d'Gesamteffizienz vu Landwirtschaft an Energie ass mat Agri-Photovoltaik méi héich. Sou kéinten all Joer 600 MWh Stroum pro Hektar erziilt ginn, wat dem Joresverbrauch vun 135 Stéit entspréicht. En Êmbau vun 1,4% vun de Lëtzebuerger Agrar-Flächen op Agri-Photovoltaik géif dem Land esou erméiglechen, seng Objektiver aus dem PNEC (Plan National en matière d'Energie et de Climat) bis 2030 ze erreechen.

Lëtzebuerg huet sech als Zil gesat, den Undeel un erneierbarer Energie vun 11% 2020 op 25 % bis 2030 ze erhéijen. Haut erméiglechen erneierbar Energien zu Lëtzebuerg et, scho bal de gesamte Privatstroumverbrauch vum Land (16%) ze decken. Am Laf vun de Joren sinn dobäi Wandanlagen émmer méi effikass ginn. Op Projeten zu Lëtzebuerg sinn d'Gemengen och dacks Co-Actionnaire, a Modeller, an deenen d'Matbierger co-investéiere können, existéieren och. Präsentéiert a diskutéiert goufen och d'Émweltimpakter vu

Wandanlagen. Oploen a Punkto Standuert vun enger Wandanlag, ekologesch Etudé wärend der Liewensdauer mat Hëllef och vu Spezialkameraen, déi d'Approche vu verschidene Vullenaarte können erkennen, mee och de Recyclage um Enn vum Projet goufen ugeschwät.

Bei Waasserstoff handelt et sech ém eng vill méi jonk Technologie, déi nach vill kascht, mee déi am Verglach zu Gas den immense Virdeel huet, keen CO2 fräizesetzen. Et brauch awer nach Pilotprojeten, fir mat der Zäit d'Käschten ze senken an enges Daags, esou wéi haut mat Photovoltaik, och ouni Subventiounen rentabel ze ginn. De grousse Virdeel vu Waasserstoff läit, am Verglach zu Batterien, doran, datt Energie méi laang an a gréissere Quantitéite ka gespächert ginn, wat och fir Industrieprozesser ganz wichteg bleift. Och Gefierer hu mat Batterié Reechwáiten, déi limitéiert bleiben. Ob iwwer Batterien oder Waasserstoff, um Enn spüllt d'Späichere vun iwwerschëssegem Stroum, besonnesch am Zesummespill mat der Produktiouon vun erneierbarer Energie wéi Solar oder Wand eng ganz zentral Roll.

Fir d'Participanten un der Konferenz war et interessant, ze verstoen, datt warscheinlech net eng Technologie eleng, déi richteg ass, mee d'Zesummespill vun allen Energietechnologien.

Op dem Wee vun eiser ekologescher Transitioun, am Kontext vun der Klimaurgence, ass de konsequenteen Ausbau vun erneierbaren Energien och eng Responsabilitéit um kommunalen Niveau.

Weider Pilotprojete sollen hëllefen, Virreider am Klimaschutz ze sinn an d'Gemenge fir muer besser ze préparéieren. Potentialanalysen sinn dofir den éischte Schrëtt, zu dem d'CSV Bartreng oprifft.

MOBILITÉSKONZEPT MIT SCHWEIERPUNKT VÉLO

Vor über zwei Monaten gab es bei uns in Bartringen eine zweite Demonstration auf Rädern, in deren Mittelpunkt die Sicherheit für die Kinder auf dem Schulweg stand. Der Frust bei manchen Eltern ist groß (vgl. Luxemburger Wort vom 6. Mai 2024).

Als CSV verstehen wir die Sorgen der Eltern. So haben wir, wie die anderen Parteien im Gemeinderat, die Projekte Unterführung und Überführung an der Eisenbahnlinie, die durch unsere Ortschaft führt, voll unterstützt, ja, bereits vor Jahren eine Unterführung (wenngleich an anderer Stelle) vorgeschlagen. Auch die Einführung eines weiteren Busses für die Schülerinnen und Schüler zur Europaschule haben wir, im Interesse der Sicherheit der Kinder und Jugendlichen, mitgetragen. Da die beiden genannten Projekte an der Zugstrecke erst in einigen Jahren verwirklicht werden können, ist es auch verständlich, dass die Eltern auf eine Zwischenlösung drängen. Zuzustimmen ist ihnen auch darin, dass sie die Bedeutung der sanften Mobilität immer wieder betonen.

In diesem Zusammenhang möchten wir als CSV an unsere in der Vergangenheit gemachten Vorschläge und erhobenen Forderungen erinnern:

- einen allgemeinen Sicherheitscheck der Schulwege,
- einen von der Gemeinde getragenen „Cycle Bus“ in Rich-

tung Europaschule als Übergangslösung, bis die Unterführung und die Überführung der Eisenbahnlinie fertig gestellt sind.

Grundsätzlich stimmen wir mit der DP-Mehrheit überein, die in ihrem Wahlprogramm ein „fahrradfreundliches und -sicheres Bartringen“ sowie „eigens angelegte Fahrradspuren“ versprochen hat und in der Schöffenratserklärung – beim Punkt „sanfte Mobilität“ - festgehalten hat: „Jeder soll sich sicher im Straßenverkehr fortbewegen können.“

Für uns als CSV ist es zudem wichtig, ein generelles Mobilitätskonzept für Bartringen zu erstellen (was allerdings eine gewisse Zeit in Anspruch nehmen wird) und die Schwachstellen, die sich aus dem Blickwinkel der sanften Mobilität ergeben, auszubessern. Für die bereits bekannten Probleme müsste, in enger Zusammenarbeit mit den Bürgerinnen und Bürgern, weiterhin an einer guten Übergangslösung gearbeitet werden. Nach dem Motto, das für alle gilt: Wo ein Wille ist, da ist auch ein Weg!

Nicht unwichtig für uns ist auch, dass Kinder gezielt und systematisch auf mögliche Gefahren beim Fahrradfahren aufmerksam gemacht werden und zum Einhalten der Verkehrsregeln – über bewährte Methoden und das gute Beispiel der Erwachsenen – erzogen werden.



EIS HOMEPAGE

LIEST REEGELMÉSSEG OP EISER HOMEPAGE
AKTUELLES AN AUS DEM GEMENGEROT.

Do fannt Dir z. B. dës Themen:

* **Diskussioun iwwer d'Trajeten vun der SEA**

Am Gemengerot vum 24. Mee stoung d'Problematik vun den Trajete vun der SEA zu den Associatiounen um Ordre du Jour. Op eiser Homepage fannt Dir d'Argumenter, déi eiser Meenung no derfir schwätzen, fir eng Rei Trajeten vun der SEA zu den Associatiounen bärebehalten. Dës Argumenter goufen zum groussen Deel an der

Sitzung virgedroen. Mir hunn äis awer weider Gedanke gemaach an dës weider Iddien sinn dann och an den Text op der Homepage agefloss. Och eis Froen un de Schäfferot zum Sujet SEA kënnen do nogelies ginn.

* **2 Motiounen: Tram an SEA**

* **E Réckbléck op d'Konferenz „Erneierbar Energien“**

* **Eist „Dokument über Fahrradwege in Bartringen“**

MAACH MAT. AKTIV. DEMOKRATIE BASS DU!

Hues du Loscht, mat eis zesummen eppes ze beweegen? Engagéier dech an der Politik!

Mir freeën eis drop, dech perséinlech kennenzeléieren.



ZESUMME FIR EIS GEMENG

Ech wëll Member ginn / Je veux devenir membre

Numm _____

Virnumm _____

Beruff _____

Gebuertsdatum _____

Nationalitéit _____

Adress _____

PLZ _____

Uertschaft _____

E-mail _____

Tel _____

Den _____ / _____ / 2024

Äntwert un / Répondre :

CSV-Generalsekretariat:

B.P. 826 — L-2018 Luxembourg